

De Louis



De Schierener Buet

No 18 • Januar 2006

Titelfoto

De neie Gemengerot.

Bei de Gemengewalen vum vergaangenen 10. Oktober hut dir folgend Kandidaten fir di nächst 6 Joer an de Schiereener Gemengerot gewielt.

Et sinn dat an der:

1. Rei: Kemp-Weber Juliette, Lutgen Jos
2. Rei: Pletschette Camille, Marc Schmitz,
3. Rei: Patrick Berwick, Goncalves Leite Carlos,
4. Rei: Zanier Patrick an Zeimes Jos.

Op Grund dass de Fototermin virun der Gemengerotsetzung vum 18. Januar war, feelt den André Schmit den seng Demissioun dagsvirdrun ageerecht huet. Den Änder war zënter 1987 am Gemengerot.

Redaktioun an Zesammensetzung

Guy BERWICK, Mil GOERENS, Jos NERANCIC,
Camille PLETSCHE

Entwurf vum Deckel

Camille SCHAUL

Fir d'Fotoen soe mir villmols Merci dem:

Marcel Bertemes, Guy Berwick, Jemp Feinen,
Josiane Gillen, Juliette Kemp, Jos Lutgen, Jos Nerancic,
Jean Nickels, Camille Pletschette, Luc Schumacher,
Camille Schaul, dem Léierpersonal an de Veräiner.

Drock

Imprimerie EXE, Troisvierges

Oplo

580

Präiss

Einzelnummer 4 €, Abonnement 12 €

De Schäfferot iwerhëllt d'Responsabilitéit vun den Artikelen.

e-mail: de.louis@gmx.net

An dëser Nummer

Ried vum Buergermeeschter	1
Réunions du Conseil communal. Séances du:	
– 30.09.2005	1
– 12.12.2005	3
– 22.12.2005	4
Schieren: Gemengewalen 2005	7
Anniversaires 2005	8
Renovatiounsarbechten an eiser Kirch	11
Mariages 2005	12
Naissances 2005	14
Décès 2005	14
Les Nationalités de la population de Schieren au 31.12.2005	15
Konter & Mat Owend bei der Jugend	16
Asammelen vun de Chrëschtbeemercher	16
Tennis Club Schieren	17
Schirener Musek	18
De Kleeschen bei de Schiereener Kanner	20
Schieren vum Kierchturm geknipst	20
Volle Programm zum Schluss vum Joer bei de Schiereener Pompjeeën	22
D'Saison 2005 bei den Cowboys	23
Fraen a Mammen Schieren	24
Gaart an Heem Schieren	25
Neies aus der Por	26
Amiperas Schieren	27
Turnverein Schieren	28
Basket Schieren	29
Theaterfrenn Schieren	30
Chronik vu Schieren 2004	31
Chorale Caecilia	32
3 Spillschoulsklassen	32
Aal Schoulsklassen	33
3. Schouljoer	35
Ofschlossfeier vun der Gemeng	36
Sportleréierung 2005	36
Roskastanie - Baum des Jahres 2005	39
Konveniater	40
Ein Brief aus der Umsiedlung	41
Sozialrubrik	42
Manifestatiounskalenner	45



LÉIW SCHIERENER MATBIERGER, EE WUERT ZUM JOERESWIESSEL

2005 ass eriwwer, fir di eng Leit ee Joer mat neien Erkenntnisser, fir di aner ee Joer vum Emdenken.

Et war ee mouvementéiert Joer 2005 wou vill Entscheidungen hu missen getraff ginn, déi nei Momenter mat sech bruecht hunn.

Den 10. Juli z.B. hu mir Lëtzebuerger mat eisem Vote bewisen, dass mir ee staarkt Europa wëllen hunn an nit wëlles sinn Zick Zack Kursen mat ze maachen. Dese Vote huet äis dobaussen Unerkennung abruecht, mee awer och eisen Politiker een Denkziedel verpasst, dass si ni vergiessen sollen, dass si vun hire Bierger op de Krautmaart gewielt goufen, an dass nëmme mateneen wichteg Zieler z'erreechen sinn. Méi dacks zesumme plangen an deser schwéierer Zäit war de ganz klore Message.

Eminent wichteg ass a bleiwt eis Aarbechtsplaz, an dass mir Lëtzebuerger nit verschount bleiwen vun deem wat sech an der Welt deet, misst äis all kloer gi sinn.

Och Gemengewalen den 9. Oktober 2005 waren ee Message vum Schierener Bierger u seng Gemengevertriieder fir méi konsequent an hiren Dezisiounen ze sinn.

Frou sinn ech doriwwer, dass all déi aus dem lëschten Gemengerot zréck gewielt si ginn a begréissen ganz häerzlech den Carlos an de Patrick als nei Conselljeeën op eisem Dësch. Ganz sécher si mir eng staark Ekipp déi awer un engem Strang muss zéien; welle mir an de kommende Joeren eis Bierger nit enttäuschen.

De Schäfferot wëllt mat neien Iwwerleeungen an Initiativen versichen, eisen komplexen Aufgaben nach méi engagéiert entgéint ze trieden. Aarbechtsgruppen sollen mat Ennerstëtzung vu Fachleit intensiv un deenen hinnen zougeduechten Projeten schaffen, fir a relativ kuerzer Zäit konkret Resultater z'erzielen.

Loyal Zesummenaarbecht vun alle 9 ass hei gefrot.



Léiw Schierener Bierger,

et huet ee neit Joer ugefaang, ee neit Joer dat ganz sécher nees alles vun äis ofverlaange waert.... Losse mer dat normalt am Alldag nit vernoléisegen a kucken fir Iwwerraschungen parat ze sinn, da kann jiddereen zefridde sinn mat sech a sengem Emfeld.

*Tech allequerten nach ee schéint neit Joer 2006
a virun allem eng gutt Gesondheet!*

Buergermeeschter
Jos LUTGEN

EXTRAIT AU REGISTRE DES DÉLIBÉRATIONS DU CONSEIL COMMUNAL DE SCHIEREN

Séance publique du: 30.09.2005

Présents:

MM Jos LUTGEN, bourgmestre - Jos ZEIMES, André SCHMIT échevins - Antoine NICKELS, Marc SCHMITZ, Camille PLETSCHETTE, Patrick BERWICK et Jean MONS, conseillers - Camille SCHAUL, secrétaire communal.

Absent excusée : Mme Juliette KEMP-WEBER

Et war dat di lescht Setzung an där aler Zesummesetzung vum Gemengerot. D'Madame Juliette Kemp Weber huet entschëllegt gefeelt. Well d'Hären Antoine Nickels an Jean Mons hir Kandidatur fir d'Gemengewahlen vum 09.10.2005 net méi gestallt haten, war et fir si di lescht Sitzung. Si goufen bei dëser Geleeënheet entsprechend geéiert.

Ce fût la dernière séance du conseil communal en cette composition, Madame Juliette Kemp Weber ayant été excusée. Pour les conseillers sortants Antoine Nickels et Jean Mons, qui n'avaient plus posé leur candidature aux élections communales c'était l'ultime séance. C'était donc l'occasion de les remercier suivant les règles de l'art.



No den Erklärungen vun eisem Revéierfierschter Jacques Winandy huet de Gemengerot den Hauungsplang fir d'Forstjoer 2006 eestëmmig festgehal an a folgendem Tableau resuméiert. Fir den andauernden Verloscht ze kompenséieren ass fir d'Joer 2006 eng bedeitend Coupe virgesin.



Après explications détaillées de la part du brigadier forestier M. Jacques Winandy, le conseil communal arrête unanimement le plan de gestion de la forêt communale conformément au tableau suivant. Afin de faire face au déficit chronique dans la gestion forestière, une importante coupe est prévue pour le prochain exercice.

	recettes	dépenses
Plan gestion ouvrier		26.375
Aménagement		4.000
Plan de culture		5.000
Plan protection		6.000
Plan amélioration		
Plan exploitation	115.000	89.250
Plan voirie		5.000
Plan conservation nature		5.000
Plan récréation		2.000
Plan chasse	4.160	
Plan pêche	150	
Plan divers		8.000
total	119.310	149.625

Duerno huet de Konsell eestëmmeg beschloss och fir d'Joer 2005 eng Akellerungsprime un mannerbemëttelt Rentner auszebezuelen. Den Verdeelungsschlëssel resultéiert aus nofolgendem Tableau. A Fro kommen all d'Renten ënner 1.413,00 EUR.

Ensuite le conseil communal a décidé unanimement d'accorder une prime d'encavement pour l'année 2005 conformément au tableau d'en bas. La prime n'est allouée qu'aux rentiers dont le revenu mensuel global net est inférieur à 1.413,00 EUR.

situation	revenu-menage	prime à accorder
1 Adulte	R	1 606,38 - R
2 ^e Adulte	R	2 141,87 - R
3 ^e Adulte	R	2 448,26 - R
n enfants	R	1 606,38 (+ 535,49) (+ 309,39) +n x 97,44 } - R

Le projet d'aménagement particulier «Am Pesch» des conjoints Bertemes Marcel - Meisch Margot a été approuvé provisoirement le 29.07.2005 et affiché pendant 30 jours à l'inspection du public. Deux réclamations avaient été présentées à l'encontre du dossier. Le conseil communal a approuvé le projet définitivement après avoir procédé aux dernières mises au point de nature architecturale. Pour des raisons d'intérêt indirect, le conseiller communal Patrick Berwick n'a pris part au vote. Dans le même ordre d'idées le conseil communal arrête une convention avec les lotisseurs réglant le développement urbanistique du projet et la participation particulière dans le projet d'aménagement particulier dont question.

Nodeems den Deelbebauungsplang «Am Pesch» vum Konsortium Bertemes Marcel-Meisch Margot den 29.07.2005 provisorisch guttgeheesch war, war en fir 30 Deeg public gemaach gin. Zwou Reklamatiounen waren an der legaler Frist un de Schäfferot age-reecht gin. De Gemengerot huet de Projet definitiv gestëmmt, nodeems di lescht Schwierigkeeten um baulichen Niveau riicht geréckelt waren. Aus Grënn vun indirektem Interessi huet den Här Patrick Berwick nit un der Diskussioun an um Vote deelgeholl. De Gemengerot huet gläichzäitig eng Konventioun mat de Lotisseuren approvüiert, déi d'Realisatioun vum Projet regelt an wouranner d'Pflichten vun de Propriétaires opgefouert sin.

Le conseil communal approuve une convention entre le collège échevinal et la société nationale des chemins de fer luxembourgeois relative à l'aménagement de 32 places de stationnement dans le cadre des travaux de réaménagement de la rue de la Gare à Schieren.

De Gemengerot ennerschreiw eng Konventioun teschend dem Schäfferot an der CFL iwwer de Bau an die finanziell Partizipatioun vun 32 Parkplazen am Kader vun den Infrastruktur-arbechten an der Rue de la Gare.

Les contrats de louage de service du personnel surnuméraire pour l'année scolaire 2005/2006 en écoles de Schieren ont été approuvés. Ainsi l'organisation scolaire a pu être arrêtée définitivement. Par la suite le conseil communal a approuvé les nouveaux statuts du Syndicat Intercommunal de Dépollution des Eaux Résiduaires du Nord (SIDEN), telles que proposés par le bureau du SIDEN.

Di eenzel Zäitkontrakten mam Zousatzpersonal an der Spill- an der Primärschoul fir d'Schouljoer 2005/2006 sin eestëmmeg ugeholl gin. Deemno konnt och d'Schoulorganisatioun definitiv festgehal gin.

Di nei Statuten vum Kanal-an Klärsyndikat SIDEN si vum Gemengerot sou ugeholl gin wéi se vum Bureau vum Syndikat virgeschlo waren.



Station d'épuration Blesbruck



Well d'Aarbechten an der Schiereener Kierch elo a vollem Gang sin, huet de Konsell beschloss vum Chantier ze profitéieren fir eng zousätzlech Säitendier abauen ze loossen. Fir de Präis vun 40.265 EUR ouni TVA an Honorären kann dann eng extra Ramp an eng speziell Entrée fir Leit mat Handicap geschafe gin.

Le conseil communal est d'avis qu'il y a lieu de profiter du chantier en église paroissiale de Schieren pour aménager une porte latérale et une rampe d'accès. Pour le prix de 40.265 EUR hors TVA et honoraires un accès spécial pour personnes handicapées peut ainsi être ajouté.

EXTRAIT AU REGISTRE DES DÉLIBÉRATIONS DU CONSEIL COMMUNAL DE SCHIEREN

Séance publique du:

12.12.2005

Présents:

MM Jos LUTGEN, bourgmestre - M. Marc SCHMITZ, Mme Juliette KEMP-WEBER, échevins - MM. André SCHMIT, Jos ZEIMES, Camille PLETSCHETTE, Patrick BERWICK, Carlos GONCALVES LEITE, Patrick ZANIER, conseillers - Camille SCHAUL, secrétaire communal.

Am éischte Punkt gung et fir den neie Gemengerot drëm fir den definitiven finanzielle Kader vun den Aarbechten un der Schiereener Porkierch festzehalen. Die graffst Iwwerraschungen ware gott-seidank um Chantier ausbliwwen. Ausser der Asbestentsuergung koumen keng memorabel Supplémenten op d'Gemengekeess duer. An awer hun d'Devisen an engem Gesamt-Total vun 696.059,0 Euro mat engem Supplementarkredit vun 16.669,19 Euro misste gestäipt gin. Di definitiv Ausgab beleeft sech viraus-sichtlich op 712.728,28 Euro, an sou dierf eis Kierch dee Cachet kréien, deen se verdéngt.

Mat der Géigestëmm vum Konselljee André Schmit as den Décompte fir den Ënnerhalt vum Feldwee um Léihbiereg an Héicht vun 8.172,75 Euro arrétéiert gin.

Di gewéinlich Veräinssubsidien fir den Exercice 2006 si vum Gemengerot eestëmmeg festgeschriwwen gin. Am Verglach zu 2005 ass just eng bedeitend Ännerung ze verzechnen: Fir seng Aarbechten an Engagementer am Jugendberäich krit de Schiere-ner Gesank a Supplement vun 750 Euro zougestant. Den Subsid fir d'Elterevereinigung get nëmmen dann ausbezuelt, wann d'Akti-vitéiten weidergefouert gin. Eng Demande vum Basket Schieren fir hire Jugend-Subsid ze héigen krut keng Suite.

Le premier point de discussion pour le conseil communal en sa nouvelle composition fût la fixation définitive de l'enveloppe financière pour les travaux de rénovation de l'église paroissiale de Schieren. Les frais pour de traitement de l'amiante mis à part, aucune grosse surprise de chantier ne s'était manifestée au cours des travaux. Et pourtant les devis approuvés aux montant totaux de 696.059,09 EUR ont du être ajustés à 712.728,28 EUR. Le supplément de 16.669,19 EUR est indispensable pour bien mener le chantier à bout et pour donner au bâtiment le cachet final qu'il mérite.

Contre le vote du conseiller André Schmit, le décompte relatif aux travaux d'entretien sur le chemin rural «Um Léihbiereg» est arrêté au montant de 8.172,75 EUR.

Le conseil arrête les subsides ordinaires aux associations locales pour l'année 2006. L'unique changement par rapport à l'année 2005 consiste dans un supplément de 750 EUR pour la Chorale Caecilia pour honorer son engagement dans le travail avec les jeunes gens. Le subside voté pour l'association des parents ne sera débloqué qu'après preuve d'activités concrètes. Pas de suite favorable à la demande du Basket-Club pour une majoration du subside-jeunesse.

ASSOCIATION	MONTANT
SAPEURS- POMPIERS	1 309,00
SAPEURS-POMPIERS / JEUNESSE	1 488,00
SOCIETE DE MUSIQUE FANFARE	4 909,00
SOCIETE DE MUSIQUE FANFARE - JEUNESSE	1 116,00
CHORALE CAECILIA	2 618,00
CHORALE CAECILIA - JEUNESSE	750,00
THEATERFRENN	983,00
FOOTBALL-CLUB SCHIEREN	4 909,00
FOOTBALL-CLUB SCHIEREN - JEUNESSE	2 604,00
TENNIS-CLUB SCHIEREN	1 964,00
TENNIS-CLUB SCHIEREN - JEUNESSE	1 116,00
TURNVERAIN SCHIEREN	1 637,00
TURNVERAIN SCHIEREN - JEUNESSE	1 116,00

• suite



BASE-BALL-CLUB SCHIEREN	655,00
BASKET-BALL-CLUB SCHIEREN	3 600,00
BASKET-BALL-CLUB SCHIEREN-JEUNESSE	1 860,00
COIN DE TERRE ET DU FOYER	983,00
AMIPERAS	983,00
ENROLES DE FORCE	328,00
FRAEN A MAMMEN	983,00
JUGEND-CLUB SCHIEREN	983,00
ELTEREVEREENIGUNG	750,00
TOTAL	36 894,00

Well den Aarbechtvolumen vun eisem Regiebetrieb ëmmer méi zouhëllt, huet de Gemengerot géint d'Stëmme vun de Konselljeeën André Schmit, Joseph Zeimes an Patrick Berwick beschloss en zousätzlichen Posten als Gemengenaarbechter ze schafen. De gewünschte Profil gët zum ugepassten Zäitpunkt an der öffentlicher Publikatioun bekannt gin.

De Schäfferot hat zesumme mat der DEA den Bureau d'études Schroeder&Ass. beoptragt fir ee Projet auszeschaffen fir een zousätzlichen Waasserbaséng zu Schieren a Richtung Schrondweiler ze bauen. Et sollt domadder erreecht gin, dass eise ganzen Verdeelungssystem gravitär ka funktionnéieren an dass op Pompele kënn verzicht gin. Den Devis steet mat 1.100.000 EUR allerdings net am Verhältnis zum spéideren Nutzen. Dat emsou méi wou eis Waasserversuergung och an Zukunft kann ouni Zousatzbaséng funktionnéieren. De Konsell huet duerfir beschloss dëse Projet einstweilen net weider ze dreiwen.

Zum Schluss huet de Gemengerot beschloss eng weider Persoun anzustellen fir d'Hausaufgabenhëllef ze garantéieren. Di aktuell Klasseneffektiver sin eemol ze héich fir deenen ageschriwwene Kanner den integrale Benefiss ze sécheren.

Afin de parer au volume de travail toujours croissant incombant au service des travaux en régies communal, le conseil communal décide contre les voix des conseillers André Schmit, Joseph Zeimes et Patrick Berwick de créer un poste d'ouvrier communal supplémentaire. Le profil souhaité et la déclaration de vacance de poste seront publiés en temps utiles.

En concertation avec les responsables de la DEA le collègue échevinal avait chargé le bureau Schroeder&ass. d'élaborer un projet pour la construction d'un réservoir d'eau à Schieren en direction de Schrondweiler. Un réservoir sur le point topographiquement le plus élevé de la commune aurait l'avantage de rendre superflus les pompes à la distribution d'eau potable. Cependant le prix de 1.100.000 EUR n'est pas en relation avec les besoins et bénéfices réels, sachant que la distribution d'eau potable pourra toujours fonctionner par les structures des bassins d'eau existants à l'heure actuelle. Le projet ne sera pas suivi.

Finallyment le conseil communal a décidé d'engager une personne supplémentaire pour garantir le bon déroulement des leçons d'aide aux devoirs à domicile. En effet, les effectifs de classe sont trop importants pour assurer l'efficacité de la mesure.

EXTRAIT AU REGISTRE DES DÉLIBÉRATIONS DU CONSEIL COMMUNAL DE SCHIEREN

Séance publique du: _____

22.12.2005

Présents:

MM Jos LUTGEN, bourgmestre - M. Marc SCHMITZ, Mme Juliette KEMP-WEBER, échevins - MM. André SCHMIT, Jos ZEIMES, Camille PLETSCHETTE, Patrick BERWICK, Carlos GONCALVES LEITE, Patrick ZANIER, conseillers - Camille SCHAUL, secrétaire communal.

Zënter dem Joer 2002/2003 sin eis Spill-an Primärschoul mat Informatikmaterial équipiert, déi zum Deel an de Kllassesäll an zum Deel an engem Computersall ageriicht sin. Fir dass all dat Material nach besser ka genotzt gin, huet de Konsell beschloss eng spezialiséiert Entreprise ze chargéieren eng nei Solutioun auszeschaffen, déi iwwert den Modell vum On-line-Schaffen funktionnéiert. Dësen komplett neie Medium wäert eng Ausgab vun 33.913,50 Euro ausmaachen.

No Diskussiounen iwwert di eenzel Punkten an der Budgets-Virlag huet de Gemengerot den rektifizéierten Haushalt 2005 an de Budget 2006 eestëmmeg uegholl.

Depuis l'année scolaire 2002/2003 les écoles préscolaire et primaire de Schieren sont équipées de matériel informatique réparti d'une part dans les différentes salles de classe et d'autre part dans une salle commune d'informatique. Afin de mettre en valeur ces structures, le conseil communal a décidé de charger une entreprise spécialisée d'installer une solution internet scolaire adaptée aux besoins des élèves. Ce nouveau concept pédaogo-technologique est évalué à une dépense de 33.913,50 EUR.

Après avoir discuté les différentes positions du projet de budget, le conseil communal a arrêté unanimement le budget rectifié 2005 et le budget pour l'exercice 2006.



<i>budget rectifié 2005</i>	service ordinaire	service extraordinaire
total recettes	3.069.138,29	104.809,93
total dépenses	2.553.656,52	1.232.314,14
boni du compte précédent	515.480,77	
résultat final	504.174,83	

<i>budget 2006</i>	service ordinaire	service extraordinaire
total recettes	3.269.210,36	1.674.000,00
total dépenses	2.856.440,69	2.528.554,36
boni du compte précédent	504.174,83	
résultat final	62.390,14	

BUDGET EXTRAORDINAIRE

<i>projet</i>	<i>budget 2005</i>	<i>budget 2006</i>
Terrain Wagener (Agrandissement Mairie)	43.624,21	
Nouveau plan d'aménagement général		60.000,00
Page Internet pour la commune		12.500,00
Etudes pour l'agrandissement de la mairie		25.000,00
Nouvelle moto-pompe service incendie		15.000,00
Maison relais/cantine scolaire- études faisabilité		25.000,00
Solution Internet-école		35.000,00
Mini-Stade école de Schieren	5.600,00	360.000,00
Annexe école préscolaire	20.129,40	
Annexe école primaire - première tranche: 50% de 800.000 Euro		400.000,00
Participation Foyer de jour «Alzheimer»	21.000,00	21.000,00
Renouvellement mur du cimetière		11.984,75
Etudes réseau de canalisation		35.000,00
Travaux de canalisation première tranche : 50% de 820.000 Euro	15.813,41	410.000,00
Apport en capital SIDEC		24.028,34
Etudes réseau conduite d'eau	25.000,00	
Protection sources d'eau	8.495,80	
Renouvellement commandes techniques réservoirs d'eau		30.000,00
Raccordement DEA (1+2-e tranche)	260.000,00	260.000,00
Etudes faisabilité centre culturel		50.000,00
Renouvellement chauffage centre Rue de l'Abattoir		9.000,00
Locaux de stockage Football et Baseball		6.000,00
Réaménagement terrain d'entraînement football	11.871,32	
Remise en état terrain de football	10.607,00	
Acquisition étrille pour entretien terrain de football		5.000,00
Participation communale à la rénovation de la piscine de Colmar		125.000,00
Eglise - chauffage	380.000,00	
Eglise - façade	255.000,00	
Eglise Peinture intérieure	92.000,00	
Eglise - stabilisations statiques		40.041,27
Chemin forestier «Langert»	34.705,00	
Rue de la gare + parking CFL		525.000,00
Eclairage public chemin vers terrains de sports		26.000,00
Nouveau chauffage atelier communal	9.900,00	
Acquisition mini-transporteur «Gator»		18.000,00
Acquisition conteneurs de transport	9.568,00	
Silo de stockage sels de déneigement	29.000,00	
TOTAL	1.232.314,14	2.528.554,36



Et gesäit een dass verschidden Posten en gehéierigen Impact op eis Finanzen wäerten hun. Sou zum Beispill müssen an noer Zukunft ronn 820.000 Euro an d'Kanalnetz investéiert gin, woufir just d'Halschend an de Budget gesat gouf, well dat 2006 realisierbar schéngt. Och d'Halschend vun engem Schoulneibau as virgesin, well et kaum unzehuelen ass, dass sou e Projet innerhalb vun engem Exercice fäerdeg ze stellen as. Sou wéi et an der Schäfferotserklärung stong, get 2006 massiv drop gedréckt fir konkret Pläng um Niveau vun schoulischen, kulturellen an administrativen Investissementer um Desch ze hun. Desweideren gin all d'Méiglechkeeten sondéiert fir di verschidden Opfankstrukturen ze fannen, wéi zum Beispill Crèche an Schoulkantin. D'Erneuerung vum Fussballterrain get iwwer den ordinären Budget mat méi bescheidene Mëttelen realiséiert. Wat di Kolmer Schwämm ugeht siew gesot, dass do nach keng definitiv Léisungen virleien, besonnesch wat d'Subsidien vum Staat ugeet.

Duerno huet de Gemengerot de Budget rectificié 2005, budget 2006, compte 2002 an compte 2003 vum office social eestëmmeg ugeholl, sou wéi di verschidden Tafelen et aussoën. Den Här Jean Eippers vu Schieren as an sengem Mandat als Member vum conseil administratif fir e weideren Terme vun 5 Joer bestätegt gin.

Il ressort du présent tableau que différents projets ont un impact énorme sur la situation financière. Tels les futurs investissements au niveau du réseau de la canalisation, qui grèveront les budgets de 820.000 EUR dont 410.000 à réaliser lors de l'exercice 2006. De ce qui est des investissements dans les bâtiments scolaires, notons la moitié du crédit pour 2006, ce qui semble réalisable pour une seule période. Tel qu'il ressort de la déclaration échevinale, l'on tâchera de finaliser les plans relatifs aux investissements dans les domaines scolaire, culturel et administratif. En plus, un certain volume de crédits est à disposition pour sonder toutes les possibilités à la réalisation de nouvelles facilités sociales, telles garderie et cantine scolaire. Le projet relatif au renouvellement du terrain de football sera réalisé à charge du budget ordinaire avec des moyens plus modestes. Le dossier relatif au renouvellement de la piscine de Colmar-Berg n'est malheureusement pas encore concrétisé, surtout du point de vue de la participation de l'Etat.

Ensuite le conseil communal a arrêté les budget rectificié 2005, budget 2006, compte 2002 et compte 2003 de l'office social communal, conformément aux tableaux ci-après. Le mandat de membre du conseil administratif pour le terme de cinq ans a été renouvelé à M. Jean Eippers de Schieren.

	rectifié 2005	budget 2006
recettes	34.210,00	45.225,00
dépenses	34.885,00	46.398,00
report ex.précédent	5.918,44	5.243,44
résultat	5.243,44	4.070,44

COMPTE 2002	
boni 2001	-3.826,58
recettes 2002	34.425,35
dépenses 2002	28.142,13
résultat 2002	2.456,64

COMPTE 2003	
boni 2002	2.456,64
recettes 2003	27.638,17
dépenses 2003	29.185,18
résultat 2003	909,63

An Uwendung vum Gesetz iwwert d'Gemengesyndikater huet de Gemengerot eng ganz Partie Nominatioune virgehol fir déi Leit ze bestëmmen déi eis Gemeng an deene verschiddene Gremien solle verrieden:

En application de la loi concernant les syndicats de commune, le conseil communal a procédé à un certain nombre de nominations portant désignation des différents représentants:

Syndicat SIDEC	Marc SCHMITZ
Syndicat SIDEN	Jos LUTGEN
Syndicat DEA	Jos LUTGEN
LUXGAZ s.a.	Patrick ZANIER
NORDSTAD - Comité de pilotage politique	Jos LUTGEN Marc SCHMITZ
NORDSTAD - Comité de pilotage technique	Camille SCHAUL Luc SCHUMACHER



SCHIEREN: GEMENGEWALEN 2005

An desem Réckbléck op d'Gemengewalen vum 9. Oktober 2005 gett probéiert eng kleng Analys ze maachen vun verschiddeenen Aspekter. Ausser deenen offiziellen Chifferen ginn awer soss keng Nimm genannt, fir souvill wi méiglech Anonymitéit ze garantéieren. Eng ganz Parti vun de Kommentären baséiert och op handgeschriwwene Resultater vun Nolauschterer bei der Auszielung um Walsonndeg. Des Kommentären stellen duerfir och keen Usproch op honnertprozenteg Genauegkeet, mee kënnen beschtefalls hëllef en Trend unzeweisen.

WAT WAR BEI DËSE WALEN ANESCHT WEI VIRDRUN?

- Op nationalem Plang goufen et zwou Neierongen:
 1. Fir d'alleréischt war vun Regierungssäit décidéiert ginn, dat an de Majorzgemengen d'selwecht wéi an de Proporzgemengen dat ganz sech géif an engem Sonndeg ofspillen. Dat ass secher an Zäiten vun knappen Gemengefinanzen eng rësonnabel Décisioun, mee et sollt awer och weisen dat doduerch d'Wielerverhalen sech géif änneren.
 2. Fir d'éischte Kéier konnten sech auslännesch Matbierger dem Wieler stellen.
- Op lokalem Plang goufen et och e puer Ännerongen am Verglach zu deene Walen virdrun:
 1. No jeweils 30 Joer oder 5 Perioden hunn di zwou Koryphäen vun der Gemengepolitik, Jean Mons an Tony Nickels, décidéiert ee Schlusstréch ënnert hir politesch Aktivitéiten ze zéien.
 2. Fir d'éischt zënter laange Joeren sinn nitt méi zwou Ekippen géinteneen ugetrueden, a well d'Kandidaten sech nit eens goufen ee gemeinsamen Ziedel eraus ze ginn, huet dunn all Kandidat säin eegenen Dépliant un d'Leit verdeelt.

DI OFFIZIELL RESULTATER

Ageschriwwen Wieler	797
Gëlteg Stëmmziedelen	741
Ongëlteg oder wäiss Ziedelen	14

Doraus ergëtt sech:

Total vun méiglechen Stëmmen: 741 x 9 =	6669
Total Stëmmen di ofginn goufen:	3892

INTERESSANT DONNEËN IWWER DES WALEN

1. Un Hand vun enger Analys vun den eenzelnen Ziedelen kann ee soen, dass dese Vote ganz kloer méi engem fréiere Vote vum zweeten wéi vum éischten Sonndeg geglach huet, dat heescht dat ganz vill taktesch gestëmmt gouf. Et waren héchstens 110 Ziedelen wou de Wieler vu séngem volle Walrecht gebrauch gemeet huet an 9 Stëmmen ofginn huet, also knapps all siewenten Ziedel.
2. Wann een elo wëllt d'Interpretatioun vun de Resultater vun den eenzelne Kandidaten maachen, kann een dat op 2 Art an Weisen gesinn. Et kann ee soen de Schefferot gouf liicht

Numm vum Kandidat	Total Stëmmen	% Presenz op Stëmmziedelen
LUTGEN Jos	417	56
SCHMITZ Marc	406	55
BERWICK Patrick	357	48
KEMP Juliette	343	46
SCHMIT André	337	45
GONCALVES Carlos	310	42
ZEIMES Jos	309	42
PLETSCHETTE Camille	305	41
ZANIER Patrick	299	40
PETIT Michel	263	35
DEPUYDT Leon	146	20

désavouéiert, et kann een et awer och anescht gesinn a fannen dat all di eeler Kandidaten Stëmmen verluer hunn, an all di jénger Kandidaten Stëmmen bäikruten, deemno eng Tendenz fir méi Jugend.

3. An der Moyenne pro Stëmmziedel waren 5.25 Stëmmen ofginn, wat rem eng Kéier beweist dass et een taktesch Wielerverhalen ginn ass.
4. Eng vun den interessantesten Analysen ass och all Kéier d'Zuel vun den Eenzelstëmmen pro Kandidat, an an deser Rubrik fannt Dir och wéivill Stëmmen dee selweschte Kandidat op Ziedelen kritt huet wou nëmmen 2 oder 3 Kandidate gestëmmt goufen (nees eng Kéier een Hiweis op taktesch Stëmmen). Bei sou knappen Differenzen zwëschen den eenzelnen Kandidaten kann dat scho mol eng Plaz besser oder schlechter als Resultat erginn.

An deser Opstellung huet all Kandidat ee Buchstaw, deen näischt mat Initialen, alphabetesch Reienfolleg oder Reienfolleg no Stëmmen ze dinn huet.

NUMM ZUEL VUN DE STËMMEN IWWER

Kandidat	Eeenzelstëmmen	Stëmmen	Stëmmen
		vun Ziedelen mat 2 Stëmmen	vun Ziedelen mat 3 Stëmmen
Kandidat A	26	29	43
Kandidat B	11	21	32
Kandidat C	7	15	23
Kandidat D	5	19	34
Kandidat E	3	16	27
Kandidat F	3	10	26
Kandidat G	2	18	20
Kandidat H	2	8	13
Kandidat I	1	14	13
Kandidat J	1	11	19
Kandidat K	1	3	17



ANNIVERSAIRES 2005

80 Joer Madame Ley

D'Madame Ley as den 3 Januar 1925 zu Grootlën op d'Welt komm. Fir all déi di eist Ländchen net esou gutt kennen, Grootlën läit bei Branebuerg an gehéiert zur Gemeng Pëtscht (Puetscheid). Si waren vun doheem aus Bauer an am Ganzen zu 7 Kanner. 4 méi eeler Bridder an nach 2 méi jonk Schwëstere, vun deenen leider eent mat 11 Méint gestuerwen ass, hu fir Liewen um Haff gesuergt.

Haut liewen nach 3 Bridder an 1 Schwëster.

Un hier Schoulzäit zu Grootlën erënnert si sech nach gutt, do waren 8 verschidden Schouljoeren mat insgesamt 22 Kanner zesummen an engem Klassenzëmmer bei engem Schoulmeeschter, ... haut kaum ze gleewen, mais ech sinn iwwerzeegt dass do 3 mol méi Disziplin war wéi haut an enger Klass mat maximal 15 Schüler.

Zwee vun de Bridder waren am Krich, een op der Krim an een am Aarbechtsdienst an Polen. Well si allen 2 no dem „Heimurlaub“ net méi zreck gungen, an sech verstoppt haten, ass d'Famill am Juli 1944 fir 9 Méint ëmgesiedelt gin, d'Mme Ley hat dunn 19 Joer.

Fir d'éischt si si an d'Lager Metzhausen bei Kirchberg um Honsréck komm. Hei war och d'Fischbachs Marechen mat senger Famill ënnerbruecht. Duerno sinn si weider op Raunen déportéiert gin, och nach ëmmer um Honsréck, eng ronn 50 Kilometer vun Bernkastel ewech, wou si mat hierem Brudder an enger Metzerei mat Hotel vill huet misse schaffen.

Wéi si am März 1945 nees konnten heem kommen, si si zu Fouss an 2 Deeg bis op Tréier gaangen (120 Kilometer !!!!) a vun do aus hun d'Amerikaner se mam Kamion an d'Ste Sophie an der Stad bruecht a schliesslech gong et mam Bus heem op Grootlën.

Si waren all gesond a monter; awer doheem huet et net schéin ausgesinn. Alles war ausgeräumt, keng Kou mei am Stall, kee Leffel méi am Schaf, mais et war awer immens schéin erëm doheem ze sinn. Déi next Joeren sinn domat verbruecht ginn den Haff nees opzebauen.

Am Februar 1954 huet si den Emile Ley vum Rouscht bestued, an nodeem si ee Joer zu Kolmer gewunnt hun, si si 1955 op Schieren geplënnert.

2 Kanner sin aus dem Bestiednes ervir gang, d'Monique wat am Juli 1955 op d'Welt komm ass an dat haut Responsabel vun der Dexia-Bil Agence zu Ettelbréck ass, an den Jean-Paul deen den 31 Oktober 1959 gebuer gouf. Den Jean-Paul huet, wéi di al Schierener nach wëssen 1983 um Wee fir op ee Concert mat der Schierener Musek onschëlleg séi Liewen verluer, dat am bléienden Alter vun 23 Joer. Hien huet bei der Bunn geschafft a war um beschten Wee eng flott Karriere do ze machen.

Een aneren trauregen Moment war den Doud vum Här Ley den 29 November 1992.



Awer d'Madame Ley huet sech net ënner kréien gelooss an ass souguer nach an hir nei Wunnéng geplënnert. Och 2 Joer wou se bal net méi konnt goen konnten hiren Tatendrang net stoppen. Zwar wëllen d'Fangeren net méi sou richtig, sou dass dat mat den Handaarbechten näischt mei gëtt, awer op méng Fro wéi se dann deen ganzen laangen Dag verbréngt, wusst si genuch ze zielen:

All Dag Zeitung liesen fir ze wëssen wat am Ländche lass ass, Musek lauschteren an do am leifsten Volléksmusek, Rätele maachen, Fernseh kucken an do virun allem Politik, Quizer, Musek a Sport. Beim Sport geet dat iwwert den Tennis, Football bei den Tour de France a bis bei d'Boxen !!!!! an do get bal kee Maetsch verpasst. Do dernieft ginn dacks owes e puer Partien Rummikub mam Monique gemaach. Schrecklech gär fiirt si mam Auto mat ... am leifsten een Tour ronderëm d'ganz Welt wann nëmme dat blöd eran an eraus klammen net wär wat dach zimlech schwierig ass. Do dernieft kacht si nach gären ... a wann et hir mol zevill sollt ginn, dann arrangéiert si sech

eng Vakanz vun engem Mount an der Klinik zu Ettelbréck wei beim leschten Schëllerbroch.

An wann der lo nach gären wéisst wéi si dat mecht dass hir Blummen um Balkon an an der Wunnéng sou schéin sinn all Daag get mat deenen geschwat.

85 Joer Madame Cecile Ries

Gebuer gouf d'Madame Cecile RIES, hiert Liewen laang awer Irma genannt, de 5. Januar 1920 an hirem Elterehaus an der rue des Jardins Nr 9 zu Schieren. Si war dat Jéngst vu 5 Geschwëster, a well bei deene 5 Kanner nëmme 1 Jong war, gouf deen dann och gutt vum Papp verwinnt. Hire Papp huet op der Eisebunn geschafft.

Sou wi dat fir d'Joergäng 1920-1927 üblech war, gouf och d'Irma den 18. Oktober 1941 agezunn. Si koum an een Arbeitslager zu Adenau an der Eifel, wou si huet missen bei Privatleit wi Baueren oder Handwierksleit schaffe goen. Den 31. März 1942 gouf d'Irma do entlooss an hat d'Gléck, nit mi brauchen dohinner zréck ze goen.





Nom Krich ass d'Irma dunn an d'Berufsliewen agetratt, si huet fir d'éischt 5 Joer beim Fixmer geschafft an duerno 29 Joer als Infirmière am Spidol zu Ettelbréck. Doduerch datt d'Irma d'Krichsjoeren bei d'Aarbechtsjoeren bäigezelt krut, konnt si den 1. August 1980 an Pensioun goen.

Zënter Bestoen vun den Enrôlés de Force Schieren huet d'Irma am Comité matgeschafft, a si war bis am Laf vun 2005 18 Joer laang Caissière. Si ass haut die eenzeg Iwwerliewend vun deem Joergank deen zesummen 1926 an d'éischt Schouljoer gaang ass.

D'Irma RIES erfreet sech haut nach beschter Gesondheet. Bis zum Alter vun 84 Joer ass si nach selwer mam Auto gefuer a ganz stolz ass si dat 46 Joer laang ouni Akzident gemaach ze hunn.

85 Joer

Madame Scholer Joséphine

D'Madame Scholer gouf den 14 November 1920 am Pafendall gebuer. Si waren doheem zu 2 Meedercher. Hier jénger Schwëster Yvonne wunnt haut zu Miersch an ass haut nach ëmmer zu Schieren an der Amiperas. D'Yvonne feiert iwregens dëst Joer seng 80 Joer.

Am Alter vun 6 Joer ass d'Josephine mat senger Famill op Schieren komm an zwar an dat Haus an der Montée de Nommern (den Kéiwée fir déi al Schiereener) wou si nach haut wunnt.

Hirt Aarbechtswien war si ganz vill am Dingscht vun der Schiereener Gemeng wou si ënner anerem d'Kiirch gebotzt huet, d'Gemeng, d'Douchen vum Football, an och d'Schoul sinn ebenfals gebotzt ginn an schlussendlech huet si och während 12 Joer d'Zeitungsfra «gespillt» irt hirt Meedchen Malou dës Charge iwerholl huet. D'Malou këmmert sech iwregens och haut ëm seng Mamm wann ëmmer dëst néideg ass.



Am Juli 1941 gouf si mam Jean Scholer vum Mederhaff (deen Haff deen amgang ass komplett zesummenzefalen an deem séng Iwwerreschter een nach kann um Wee vun Grentzen op den Karelshaff gesinn). 4 Meedercher sinn aus deem Bestiednis ervirgang: d'Sanny wat Joergang 1942

ass, d'Marie-Jeanne 1944, d'Malou 1951 a schliesslech d'Jacqueline wat 1953 gebuer gouf. Haut vervollstännegen 8 Enkelkanner a schon 5 Urenkelkanner hir Famill.

Nach all Dag gëtt Zeitung gelies fir am Bild ze bleiwen an och vill Fernseh an do souguer am léifsten Sport...dir waert net gleewen wat de Lieblingssport ass : nämlech seit den Marc Girardelli den Numm vun Letzebuerg am Schizirkus bekannt gemaach huet ass si eng ferventen Zuschauerinn fun all Iwwerdroung am Fernseh. Do ass et dann och egal op dat Descente, Slalom, Riesenslalom oder Biathlon ass.

Och regelmäseg Besich bei der Amiperas stinn um Program fir Kaart ze spillen, dëst ëmmer dann wann d'Gesondheet et erlaabt.

Do dernieft ginn Romaner an Illustréierten gelies, Kreuzworträtsel gemaach an owes gët kaum eng Volléksliddersendung verpasst. Well d'Josephine net mei sou gutt héiert, wëssen d'Noperen ëmmer wat grad bei him um Fernseh gekuckt gëtt ... speziell wëssen si wann hat gutt gelaunt ass ... dann gëtt nämlech kräfteg matgesongen.

80 Joer

Madame Streitz-Bartz Dorothee

D'Mme Streitz gouf den 8. Mee 1920 zu Amblève (Amler) bei St.Vith als dat zweet vun 8 Kanner gebuer.

An de Krichsjoeren war d'Dorothee Bartz vun 43 bis 45 am Aarbechtsdingscht bei der Eisebunn zu St Vith an zu Aachen.

Bestued huet si sech den 23. Abrëll 1946 mam Jos Streitz vu Lullgen, deen aus dem éischte Besteednis wou hien Wittmann war zwee Meedercher hat, d'Anna an d'Margot.

Aus dem Besteednis gongen zwee Jongen ervir den Albert, an den Alphonse.

D'Famill Streitz huet 1966 hei zu Schieren d'Haus Nr 14 an de Gaarden kaaft a sech hei néiergelooss.

Vun de Kanner respektiv Stéikanner wunnen den Alphonse bestued mam Margot Esser, engem Schiereener Meedchen, an d'Margot bestued Walesch och hei zu Schieren.



D'Madame Streitz ass zënter 1973 Wittfra a wunnt säitdem bei hirem Jong Alphonse am Léibierg.

Mat hire 85 Joer ass d'Madame Streitz nach bei gudder Gesondheet a klorem Verstand, just mat den Aen geet et säit Joeren nit méi sou richtig, si kann d'Zeitung nit méi selwer liesen an och kee Fernseh méi kucken. Um Lafenden hält si sech mat de Neigkeeten um Radio an d'Margot oder den Alphonse liesen hir wat si intresséiert aus der Zeitung vir..



90 Joer

Madame

Marquerite Ferrari-Goedert

D'Madame Marguerite FERRARI-GOEDERT ass de 7. Juli 1915 zu Ettelbréck gebuer ginn, a si waren zesummen 3 Meedercher am Stot. Eng vun hiren 2 Schwestern war mam Nic MICHAUX bestued, deen als Trainer zënter laangem rem eng Kéier konnt schéin Säiten vum Schiereener Fußball matschreiwén.

D'Marguerite GOEDERT huet sech 1935 mam Jang FERRARI vun Ettelbréck bestued, a si zwee hunn während laange Joeren een Velosgeschäft zu Ettelbréck gefouert, dat wäit iwwer d'Grenzen vum Kanton Dikrich an Veloskreiser bekannt war. Dobäi war hire Mann, de Jang, och nach een exzellenten Velosfuierer, deen a verschiddene Coursen säi Mann gestallt huet. Hien gouf am héigen Alter vun an di 70 Joeren och nach Weltmeeschter a sénger Alterskategorie. Leider ass hien beim Training um Velo 1987 och an engem Autoakzident leie bliwwen.

D'Famill FERRARI huet 4 Kanner, 1 Meedchen, d'Angela, och Titi genannt, an 3 Jongen, de Nico, de Jean (landbekannt als Ferrari's Menn), an de Marco. Ganz stolz ass si op 7 Enkelkanner a 5 Urenkelen, an och do dréint d'Rad nach virun.

Och wann d'Madame FERRARI schon zënter 1975 zu Schieren wunnt, sou huet si dach nitt all zevill Kontakt zu de Schiereener Leit. Well si liicht Problemer mam Gehéier huet, fäert si e bëssen ënner d'Leit ze goen a si bräicht eng Persoun fir si duerfir ze motivéieren.

*Mer wënschen all
eise Geburtsdagskanner
alles Guddes!*

91 Joer

Madame

Weber-Schaack Marquerite

D'Madame Weber huet de 7. August 1914 hei zu Schieren d'Liicht vun der Welt erbléckt, an dem Bauerenhaus op der Knupp wou si haut nach wunnt. Si war dat drëtt vu véier Kanner, di zwee eelster ware Jongen, den zweeten sollt leider nëmmen 8 Joer al ginn. Di jéngste Schwester ass 1947 an Amerika ausgewandert an de Staat Ohio, et besteht säit Joeren kee Kontakt méi mateneen.

Vu 36 - 38 war si am Déngscht bei engem Colonel zu Maizière Charleville am Frankreich.

Virum Krich ass si heem komm an huet am Bauerebetrib matgeschafft.

Op Stiewesdag 1952 ass si mam Jos Weber vu Méischtref de Bond fir d'Liewen agaang.

Aus dem Besteednis sinn zwee Kanner ervir gang, de Guy 55 an d'Eliane 57 gebuer. Besonnesch freet si sech wann hir zee Enkelkanner d'Tania an de Yannick op Besuch kommen.

Hir Duechter kennt hir all Sonndeg kachen, an der Woch kritt si de „Repas sur roues“.

Nodeems si virun gutt zee Joer gefall war an sech dobäi d'Handgelenk gebrach hat, huet si sech sécherheetshalber den Telealarm geholl.


Wéi ech der Mme Weber gesot hunn dass ech hire Jong géng vum Football hir kennen, huet si gesot, méi Mann war schon ee béise Footballspiller gewiescht, huet ëmmer zu Dikrech gespillt, a wëll hien sou séier konnt lafen, gouf en d'Méck genannt.

D'Madame Weber huet zum Schluss hir Elteren geflegt, si ass Wittfra seit dem 28. Oktober 1990.

Si hellt sech um Lafenden mat der Dageszeitung an der Revue, a lauschtert d'Neiegkeeten um Radio, de Fernseh intresséiert si nit sou.



RENOVATIONSAARBECHTEN AN EISER KIRCH



No den Preparatiounsarbeiten an nom Opmaachen vun den Soumissiounen den 25. Mee 2005, huet Enn August den Chantier ugefaangen. D'Stee ronderëm d'Kierch gouf während 2 Wochen opgeriicht an d'Façadearbeiten hun ugefaangen. Zum selweschten Zaitpunkt konnt bannen an der Kierch den alen Buedembelag erausgerappt a mat der Verleeung vun der Buedemheizung an den elektrischen Leitungen weidergefuert gin. Am Moment ass den neien Budembelag schon zur Halschend fäerdeg.



Joerelaang Heizungsproblemer an eiser Kirch, hun den virrechten Gemengenrot gezwongen fir gréisser Reparaturaarbeiten an Ugrëff ze huelen. Den Architektenbüro „JONAS et MEYERS“ vun Ettelbréck zesummen mam Ingénieursbüro „BLS - Energieplan“ aus der Stad sin am Januar 2005 vum deemolegen Schäfferot beprotragt gin, fir eis een Projet auszeschaffen.

No längerem Diskussiounen ass schlussendlech beschloss gin, fir déi al elektrisch Foussbuedemheizung duerch eng Waarmwasserfoussbuedemheizung mat Waarmloftkonvektoren ze ersetzen an et war gewosst, dass duerch esou gréisser Emännerungen, zousätzlech Aarbechten an Käschten op eis Gemeng géifen duer kommen. Déi al Plättercher sollten duerch een Buedembelag aus Natursteng ersat, all elektrisch Leitungen nei verluecht an eng méi modern Beschallungsanlag installéiert gin. Fir awer een kompletten Projet ze realiséieren huet den Ustrach, d'Beliichtung, d'Restauratioun vun den Fensteren, den Statiounen an der Wandmolerei net dierften vernoléissegte gin. Façadearbeiten, eng nei Auer, Beliichtung an een Saitenagank fir eis behënnert Matbiirger waren am Aussenberäich zousätzlech virgesin. Eng Gas-Chaudière am Paschtoueschhaus war geplangt an duerch den Uschloss un d'Gasnetz, ware mir frou fir weider zwee Gemengengebeier duerch eng méi ëmweltfrëndlech Manéier kënnen ze hëtzen.

Nom Wantercongé steet den kompletten Ofbau vun der Stee bevir an d'Façadearbeiten kommen esou lues zum Schluss. Den Saitenagank kann fäerdeg amenagéiert an d'Beliichtung installéiert gin. Bannen an der Kierch fänken d'Usträicharbeiten schons un, während den Buedembelag fäerdeg verluegt gët. Dräi Fënsteren am Altorberäich mussen nach ausgebaut, restauréiert an nees nei agesat gin. Engt weidert Gerüst gët nach an der Kierch fir d'Restauratiounsarbeiten vun der Wandmolerei opgeriicht. Dës Aarbecht sollen dräi Wochen daueren.

Wann all d'Aarbechten esou wäit ofgeschloss sin, bleiwt nach als leschte Schléff, den Mobiliar, dat heescht, d'Bänken setzen, d'Beichtstill op hir Plaz stellen, den Predichtstull nei opriichten, d'Saitenaltär nees opbauen, d'Statiounen ophänken an zum Schluss nach d'grouss Botz ze maachen.

Dir gesidd et bleiwt nach vill ze din an mir hoffen den Chantier fir Ufank März 2006 ofzeschléissen ze kënnen, well jo bekanntlech den 5. März 2006 d'Pontifikalmass vun der 200 Joer Feier vun eiser Par an der nei restauréierter Kirch ofgehale gët.

Luc Schumacher, Dezember 2005





MARIAGES 2005



Ils se sont mariés à la commune de Schieren au courant de l'année écoulée:

© MONTEIRO LIMA Sandra &
PORTELA LOUREIRO Jose Carlos
le 31 janvier



© ANDRADE LIMA Marie do Rosario &
KANIKI MOLISHO Donchard
le 11 février

© MORAIS PAULINA Maria &
ROCHA SOUSA Ivan Cesar
le 18 mars



© GARSON Nathalie &
FEIDERT Claude
le 13 mai



© MOSAR Sonja &
SCHORN Marco
le 20 mai

© PACINI Sandra &
GARSON Frank
le 3 juin





© BATISTA TOLENTINO Georgette &
ROCHA NILTON Jorge
le 17 juin.



© BYKOV Andrey &
PECHON Daniel
le 12 août



© SCHWIRTZ Sandra &
TANO Michaël
le 15 juillet

*Alles Guddes
zur Hochzeit!*



© EICKELPASCH Vanessa &
STREITZ Luc
le 9 décembre





NAISSANCES 2005

Ils ont vu le jour au courant de l'année écoulée:

TRESSEL Yannis	né le 4 janvier
FREITAS COSTA Lorena	née le 11 janvier
ALVES MARTINHO Joe	né le 8 février
DA CUNHA PAULO Stela	née le 14 mars
GONCALVES MERCES Bruno	né le 4 avril
FRETZ Betty	née le 29 avril
ALVES MONTEIRO Céline	née le 6 juin
VAN WERWEKE Lou	née le 9 juin
DOS REIS LEITE Chiara	née le 22 juillet
GARSON Emma	née le 4 août
KECK Jonathan	né le 6 octobre
MARQUES FERREIRA Elisabete	née le 7 octobre
MPUTU Yoann	né le 8 octobre
HUMBERT Zoé	née le 14 octobre
PERDIGAO Shana Jade	née le 14 Octobre
SANTOS NASCIMENTO Ariana	née le 21 Octobre
FERNANDES Larissa	née le 24 Octobre
MOURA Julie	née le 28 octobre
MARBES Junia Samantha	née le 29 novembre
MALHEIRO PINTO Antonio	né le 1 décembre
SCHMITZ Anouk	née le 9 décembre
DUARTE PENEDA Daniel	né le 27 décembre



DÉCÈS 2005

Ils nous ont quittés au courant de l'année écoulée:

BEWER Marco	le 11 janvier
WEBER Marguerite	le 28 janvier
PETERS-LORANG Marie Madeleine	le 23 août
REUTER-DECKER Cathérine	le 09 novembre
ERGEN Alfred	le 18 novembre
REYLAND Philippe	le 29 novembre




LES NATIONALITÉS DE LA POPULATION DE SCHIEREN AU 31.12.2005

NATIONALITÉ	masculin	féminin
ALLEMANDE	8	10
AMERICAINE	2	
AUTRICHIENNE	1	
BELGE	16	16
BOSNIE- HERZEGOVienne	5	3
BRITANIQUE	2	
BURKINA FASO	1	2
CAP-VERDIENNE	11	20
CHINOISE	1	1
CONGOLAISE	1	
ESPAGNOLE	4	6
FRANCAISE	5	7
HONG - KONG	1	
ITALIENNE	21	10
LUXEMBOURGOISE	480	476
MALGACHE		1
NEERLANDAISE	6	10
PERUVIENNE		1
PHILIPPINE	0	1
POLONAISE	3	2
PORTUGAISE	165	147
ROUMAINE	1	1
RUSSE		1
SERBIE / MONTENEGRIENNE	2	2
SUEDOISE	1	
SUISSE		1
TCHEQUE		1
TURQUE	1	
VENEZUELIENNE		1
YOUGOSLAVE	7	7
Total	744	728
Nbre Total		1472

Statistique démographique au 31.12.2005							
	Population masculine			Population féminine			Total: F&M
	Etrang.	Lux.	Total	Etrang.	Lux.	Total	
0 - 5	23	35	58	27	26	53	111
5 - 10	24	31	55	16	23	39	94
10 - 15	18	33	51	18	42	60	111
15 - 20	15	36	51	12	35	47	98
20 - 25	23	31	54	14	28	42	96
25 - 30	25	26	51	31	19	50	101
30 - 35	17	29	46	27	27	54	100
35 - 40	28	34	62	17	34	51	113
40 - 45	33	41	74	20	36	56	130
45 - 50	22	30	52	22	41	63	115
50 - 55	11	28	39	11	37	48	87
55 - 60	11	35	46	11	31	42	88
60 - 65	3	23	26	7	15	22	48
65 - 70	3	25	28	7	26	33	61
70 - 75	7	23	30	6	23	29	59
75 - 80	1	11	12	3	15	18	30
80 - 85	0	6	6	3	12	15	21
85 - 90	0	3	3	0	5	5	8
90 - 95	0	0	0	0	1	1	1
Sommes:	264	480	744	252	476	728	1472
en %	17.93%	32.61%	50.54%	17.12%	32.34%	49.46%	

Etrangers	516	35.05%
Luxembourgeois	956	64.95%

Groupe d'âge	Etrangers	Luxembourgeois
0-20 ans	153 (10.39%)	261 (17.73%)
20-60 ans	323 (21.94%)	507 (34.44%)
60-95 ans	40 (2.72%)	188 (12.77%)






KONTER & MAT OWEND BEI DER JUGEND



Freides den 25. November hat d'Schierener Jugend an de Neie Sall op ee Konter a Mat Owend invitéiert.

No de Strapazen vum Spill oder zwëschent zwou Partien kommt een sech mat enger Hameschmier stärken.



ASAMMELEN VUN DE CHRËSCHTBEEMERCHER

CHRËSCHTBEEMERCHER
ASAMMELEN
2006



Samsdes de 6. Januar huet d'Schieren Jugend nees wéi all Joer hiren Déngscht ugebueden fir de Chrëschtbeemchen an Dännerreiser beim Haus weg ze huelen.



Fir dëst ze erméiglechen stellt d'Gemeng di néidig logistesche Mëttelen zur Verfügung.

Fotoen: Ralph Mini

TENNIS CLUB SCHIEREN

19. Generalversammlung

Den 18. November 2005 konnt den Präsident Germain Schmit eng ronn 35 Invitéierter, Frënn a Memberen op der 19. Generalversammlung vum TC Schieren begrüessen.

Natierlech war och dem Opstig vun der 1. Härenekipp an d'Ëierepromotioun ee groussen Deel vu senger Ried gewidmet, well Schieren domat fir d'éischt an sénger Geschicht ënnert den 14 beschten Ekippen am Land figuréiert.

D'Leeschtung vum EVERARD Marc, GAUTHIER Jemp, MERGEN Johny, dem PUTZ Hary an dem KASEL'S Tom ass gebührend gewürdegt ginn. Ganz stolz war den Präsident kënnen ze soen dass d'ëst erreecht ginn ass ouni dass och nëmmen 1 Cent vir Transferten gefloss wär. Wann si Samsdech fir Samsdech am Asaz waren dann nëmmen well si hirem Liebblingssport als Kollegen a Frënn zu Schieren noginn.

Leider huet den langjähregen Trainer Philip Konz missen ersat ginn, d'ëst well hien eng aner beruflech Carrière ageschloen huet; sein Kolleg Andreas Grönloch ersetzt hien ab der Wantersaison.

Leider hun och 2 Comitésmemberen sech aus beruflechen Grënn am Laf vun der Saison zeréckgezunn, an zwar d'Marguerite Huberty an den Jemp Gauthier. De Präsident huet och hei net vergiess hiren Asaz am Déngscht vum Veräin ze würdegen. Doduerch besteet de Comité nëmmen mi aus 8 Leit.



v.l.n.r.: Guy Wohl, Claude Goerens, Maggy Meisch, Germain Schmit, Romy Zimmer, Guy Berwick a Romain Goerens. Eisen 8. Mann den Nico Hilger hat leider den Phototermin verpasst.

Aner Mercien waren fir den Thill's Georges fir sein Zaapschoulsbrevet deen hien eis gratis zur Verfügung stellt, fir Nilles Aby wat d'Keess vun der Buvette verwalt an och weider hëllef fir d'Buvette ze maachen. Och den Monse Jang deen am Ufank vun der Saison am Asaz ass fir eis Terrain an d'Rei ze setzen an den Platzwart Rudi Bewer deen all Dag an der Saison um Terrain ee Superjob mécht goufen net vergiess.

De leschten Merci schliesslech war fir eis Gemeng dei bal ëmmer een offent Ouer fir eis huet, och wann den Keessjee gären eng

Augmentation vun dem Subside vun der Gemeng gesinn hätt, d'ëst well d'Käschten vun der Tennisschoul fir eis Kanner an Jugendliche ëmmer mei héich ginn duerch den massiven Zolaf deen mir an der Tennisschoul hun.

Ausflug an d'Bofferdëngsbrauerei



Fir den Comitésmemberen an den Spiller a Spillerinnen Merci ze soen fir hiren Asaz fir den TC Schieren hat de Präsident eng Visite vun der Bofferdëngsbrauerei arrangéiert.

Wann d'ëst scho bal eng Traditioun fir eis ass, sou muss een dach awer soen dass sech d'Bofferdëngsbrauerei vill afalen gelooss huet fir een interessanten Rondgang duerch hir Installatiounen ze weisen.

Eng kompetent Persoun déi alles erklärt, Videoen oder Musék déi d'Saach oplockert, eng exemplaresch Beschëlderung wat d'Sécherheet an den Environnement ugeet a virun allem onwahrscheinlech Propretéit. An d'ëst net nëmmen do wou si den Béier produzéieren, mais iwwerall war et wéi geleckt.

Zum Schluss konnten mir eis ee kalen Plat an sou muenchen Mini exzellent schmaachen loossen an eisen Buschauffeur huet eis all sécher heem bruecht.



SCHIRENER MUSEK

Generalversammlung

Samsdes den 26. November 2005 hat d'Schirener Musek op hir 59. Generalversammlung invitéiert. Péntklech ém 18 Auer huet de President Jean Nickels virun engem gutt gefüllte Sall mat der Versammlung ugefaang an huet allen Uwiesenden merci gesot fir hiert Kommen. Ënnert hinnen eisen Deputéierten Charel Goerens, de Paschtouer Romain Gillen, de Buergermeeschter Jos Lutgen, d'Vertreieder vum Scheffen a Gemengerot, den UGDA-Vertreieder Flies Fränz, Vertreieder vun den Duerfveräiner, Memberen a Frënn vun der Schirener Musek.

De President huet als éischt déi obligatoresch Mercien ausgeswat, huet als éischt der Gemeng merci gesot fir déi finanziell wéi och materiell Ënnerstützung, de Sponsoren a Gönner vun eiser Musek, an zu gudder lescht den Haaptakteuren, dem Dirigent Blaise Stélandre, den aktive Musikantinnen a Musikanten souwéi de Memberen aus dem Comité fir hiren Asaz am vergaangene Joer am Déngscht vun der Schirener Musek. Nodreeglech hat de President d'Éier den Här Louis Karmeyer, President vun der UGda, mat senger Madame ze begréissen.

De President huet dat vergaangent Joer Revue passéiere gelooss an d'Haaptorganisatioune vum Joer ervirgehewen: de kulturellen Highlight vum Joer war de Gala-Concert vum 16. Januar, ënnert dem Motto «Goes Hollywood» viru ronn 750 Nolauschterer. Mat Stolz huet de President behaupt dëst war de beschte Galaconcert deen d'Schirener Musek je gespillt huet, desweideren den Zigeinerbal, den Hämmlsmarsch, d'Summerfest an den Trëppeltour an der Lëpschenterdelt.

Am Ausbléck op 2006 huet de President de nächste Galaconcert vum 15. Januar ënnert dem Motto «les pays de l'est» ugekënnegt, deen awer lo duerch Emstänn op 2 Meint méi spéit verluegt gett souwéi den Ausflug op Berlin den 1., 2. an 3. September.



Zwëschenduerch huet de Jugendensembel, ënnert der Leedung vum Marc Garson a Joe Kayser, fir Oplockerung a kulturell Opwertung vun der Versammlung gesuergt.

De Sekretär Raymond Storn huet a séngem detailléierte Rapport 26 verschidden Aktivitéiten, ënner anerem 9 Concertën, 46 Prouwen, an 10 Comitëssätzungen zrëckbehal.

De Keessebericht vum Jules Wagener huet dëst Joer mat engem respektablem Boni ofgeschloss. Stellvertredend fir d'Keesskontrolleren huet de Carlo Thill dem Jules seng exemplaresch Konteféierung kommentéiert an huet d'Versammlung gebieden, dem Keessjee Entlaaschtung ze erdeelen.

Fir hiren onentgeldlechen Asaz am Jugendensembel goufen de Sigi an de Joe mat engem klenge Cadeau gewierdegt.

Folgend verdéngschtvoll Musikantinnen a Musikanten goufen duerch den UGDA-President an de Charel Goerens dekoréiert, an zwar mat der:

Bronzemedaille: Origer Raoul an Weinquin Audrey

Selwermedaille: Wagener Jules,

Vermeil mat Palmetten: Feinen Pierre an Thill Carlo

Arg G.D. Adolphe: Tibessart Mil



De President Jean Nickels huet dunn nach eng Kéier d'Wuert zu enger besonnescher Éierung ergraff, an zwar fir de laangjäregen Musikant den Tibessarts Mil ze éieren, a wéi hee betount huet de beschte Musikant aus eise Reien, deen doniewent och nach 22 Joer Sekretär vum Veräin war. Dem Mil gouf den Titel Eiresektär zougessprach, niewent der Medaille krut zu sengem Récktritt ee passende Cadeau iwwerrecht.



Nodeems den Här Karmeyer d'Gléckwënsch vu Säiten vun der UGDA iwwerbruecht hat, war et dem Charel Goerens virbehal d'Schlusswuert un d'Versammlung ze riichten.



Zum Schluss huet de President all Uwiesend op e Patt an ee Maufel invitéiert, offrëiert vum Comitésmember Robert Hanff. Nom Apéro war Banquet op der Gare zu Medernach ugesot.

De Comité vun der Schirener Musek setzt sech folgendermassen zesummen:

President: Jean Nickels
 Vizepräsident: Ed Schenten
 Sekretär: Storn Raymond
 Hëllefsekretär: Marc Garson
 Keessjee: Jules Wagener,
 Memberen: Gusty Feinen, Robert Hanff, Martin Hendricks, Alfred Kayser, Joe Kayser, Fränk Meyer, Aloyse Nickels, Guy Nickels, Raoul Origer, Camille Pletschette.

Éierepräsident: Jean Thill
 Éierevizepräsident: Pierre Feinen
 Archivar: Ady Kugner
 Éiersekretär: Tibessart Mil



Den Tibessarts Mil: D'Séche vum Zinneklous

D'Entertainer vun der Musék an Aktioun

Wéi an hiren beschten Zäiten hu si all Regëster aus hiren Repertoiren gezunn, an Ënnerhaltung vum Allerfeinsten gebueden.



De Georges Petit: Der Mord im Grünwald



De Mil an den Ali: Ein Loch ist im Eimer Karl Otto



De Thills Jang: Den Hexemeechter



Den Nickels Ali: beim Ging gang gingli



DE KLEESCHEN BEI DE SCHIERENER KANNER

Zënter 1947 gëtt den Zinneklous hei zu Schieren vun der Musék Samsdes viru Niklosdag bei déi gutt a brav Kanner bestallt. Dëst Joer war dat samsdes den 3. Dezember, mee nit wéi gewinnt an de Festsall, dësen ass nämlich duerch Aarbechten un der Kierch besat fir d'Massen hei ofzehalen, mee an der Sporthal. Zouverléisseg wéi ëmmer huet de Kleesche pénktelech ëm dräi Auer mat séngem schwaarze Gesell ënnert der Melodie vum Léiwe Kleeschen déi gutt gefüllten Hal betratt, fir op der Bühn niewent dem Buergermeeschter an dem éischte Schäfte Plaz ze huelen.



D'Schoulkanner hu mat vill Begeeschterung ënnert der Leedung vum Schoulmeeschter Jos Kempa Nikloslidders virgedroen. De Kleeschchen an den Housecker hu ganz intresséiert nogelauschert,



mee soubal den Housecker ernimmt gouf ass en opgesprongen an huet mat de Rudde gefuchelt. Natierlech hat hien och eng Drépp derbäi, niewent dem Buergermeeschter an dem Schäfte kruten och d'Monniën aus der Musék vun dem famouse Kraut ze schmaachen. Nodeems d'Kanner mat sange faerdig waren, si virop di Kléngst mat hire Mammen, duerno di méi Grouss virum Kleeschchen laanscht défiléiert a kruten hir verdéngten Tietchen.

Fir de musekalischen Encadrement huet d'Musek mam Niklosmarsch an e puer weidere Märsch gesuergt. Ënnert de Kläng vum „Leuwe Kleeschchen“ huet sech den Zinneklous a säi Gesell bis d'nächst Joer verabschied.

Fotoen: Nickels Jang

SCHIEREN VUM KIERCHTUM GEKNIPST





VOLLE PROGRAMM ZUM SCHLUSS VUM JOER BEI DE SCHIERENER POMPJEEËN

No der Sommervakanz an éiert d'Schoulrentrée ufänt steet d' Pouletsfest um Programm. Och d'ëst Joër wor d'Fest, dat an der Tëschenzäit wäit iwvert d'Gemengegrenze bekannt ass, ee volle Succès an den Datum fir d'Joër 2006 steet och scho fest: Sonndeg, den 10. September.

Nom Pouletsfest hunn d'Schierener Jugendpompjeeën un engem Concours zu Mäerzeg am Kader vu 40 Joer Jugendpompjeeën deelgeholl. De ganzen Nowues aus dem Kanton Dikrich huet sech hei afonnt.



Déi jonk Schierener Kadette vun der Sprëtzhunn an de Alterskategorien 8 bis 13 Joer an 13 bis 15 Joer all Kéier eng excellenten drëtte Plaz erreecht.



E Samsdeg, den 8. Oktober, wor zu Schieren eng weider lass. Am spéiden Nomöttig stung d'Kantonalübung vun der zweiter Kompanie vum Kanton Dikrich um Programm. Un dëser Übung hu Pompjeeën aus de Gemengen Ettelbréck, Feelen, Mäerzeg, Steeën a Schieren deelgeholl. Dernieft wor och nach d'Protection civile vun Ettelbréck mat enger Ambulanz an d'Pompjeeë vun der Goodyear present.

Et gouf folgende Szenario geplangt: d'Schierener Pompjeeë sinn op ee Groussbrand beim Dachdecker Schroeder geruff ginn. Um Wee fir op den Asazplaz huet ee Chauffeur de Pompjeeën d'Virfart geholl an ët koum zu engem Accident. Verstärkung vun den Nopeschkorpsen ass ugefrot ginn.

Den Accident ass bei der Barrière Rue de l'Alzette geschitt. Op dëser Plaz kënt et dacks zu geféierleche Situatiounen well déi Chauffeure, déi „ënnenduerch“ fueren, d'Virfart ewechhuelen. Hei hunn déijéineg Virfart, déi iwvert d'Barrière fueren. Wat och seelen agehal gëtt: hei ass d'Vitesse op 50 km/h limitéiert. Vill Chauffeure, déi d'Rue de l'Alzette erfroen, kennen dëss

geféierlech Plaz a verzichte fräiwëlleg op hir Virfart. Nit auszedenke wat geschitt, wann et hei zu engem Accident kënt.



Während den Aarbechte beim Accident woren dunn déi aner Pompjeescorpsen un de Läschübungen bedeelegt. D'Pompjeeë vu Steeën an der Goodyear sinn als éischt ukomm un hu sech direkt op d'Sich vun de vermësste Persoune gemeet an och den Bannengriff mat der Hëllef vum schwéierem Otenschutz gemeet. Den TLF vu Steeë wor och nach fir d'Waasserversuergung virgesinn. D'Drëileeder vun Ettelbréck ass agesat ginn, fir d'Holzlager op der Récksäit ofzeschirmen an déi aner Corpse wore mat der Waasserversuergung beschäftegt. Eng Usaugstell wor d'Uelzecht an der Rue du Moulin a vun do aus gouf d'Waasser bis bei de Schroeder gepompelt.

Et wor virgesinn, datt déi Ettelbrécker Ambulanz un der Übung deelhëllt. Si wor och do mais misst wéinst enger Urgence d'Übung verloossen. D'Rettung vun der ageklemmter Persoun gouf mam Material, dat an de Pompjeesween ass, duerghefuert.





No der Übung sinn d'Pompjeeën alleguer am Pompjeesbau zesumme komm fir d'Übung ze analyséieren. Hei goufe verschidde



Punkte ugeschwat, déi ee kéint verbesseren. Dorënner fällt e. a. datt op der anerer Säit vun der Industriezone eng Usaugstell soll gemeet ginn. Bis elo besteet nëmmen eng an zwar an der Rue du Moulin. Am Groussen a Ganze woren sämtlech Bedeelegt zefridde mam Oflaf vun der Übung.

Déi nächst Übung vun der zweeter Kompanie gëtt vun den Ettelbrécker Pompjeeën organiséiert.

Mat enger Mass an engem Iessen gouf Sonndes, de 4. Dezember, d'Patrëesch (Hl. Barbara) vun de Pompjeeën gefeiert. No enger Stärkung wor de Sonndeg drop, den 11. Dezember, d'Chrëschtfeier am neie Festsall, wou sech wéi déi Jore virdrun rëm vill Schierener Leit afonnt hunn. Fir d'Mëttegiess gouf ee gudden Menü opgedëscht an am Nomëtteg hunn d'Jugendformatiounen vun der Chorale a vun der Musék fir Ennerhalung gesuert.

D'SAISON 2005 BEI DEN COWBOYS

D'Saison 2005, vun Abrëll bis September, war trotz ville Personalproblemer a verletzte Spiller op der Säit vun de Cowboys déi bis well erfollegräichsten. Wou mir an der leschter Saison nach an den Halleffinals éliminéiert goufen, ware mir dës Saison duerch eis 2. Plaz an der Regular Season direkt fir d'Finals qualifizéiert. Do stoung mir dunn de Biekrecher géigeniwwer, déi 2003 an 2004 och schon Meeschter waren, an obwuel mir do mat 3-0 verluer hunn, haate mir eis gutt aus der Affaire gezunn, wann ee bedenkt datt mir an denen 3 Mätscher mat enger absoluter Reservekippen hu missen untrieden. Dozou koum, datt mir et aus wierklech onverständleche Grënn fir d'Finalen net erlaabt kruten, eisen Heemmätsch zu Schieren ze spillen, wat keng immens Ennerstëtzung war. Déi 3 Matcher waren ëmmer enk bis an de 5. Inning, wou et den Hedgehogs dann eréicht gelongen ass d'Differenz ze maachen. Egal wéi kënne mir mat den Leeschtunge 2005 an dem erreichte Vize-Champions-Titel zefridde sinn an fir 2006 bleiwt ze hoffen datt mir emol kënne mat enger kompletter an gesonder Ekippen oplafen. Hei déi ausgezeechent Spiller vun der

2005 er Saison: Assel Pol, Hoffmann Gerry, Junker Dave, Junker Ted, Lavana Giancarlo, Lutgen Alain, Lutgen Dan, Lutgen Laurent, Pauwels Yves, Pletschette Claude, Pletschette Max, Schartz Pit, Schmitz Gilles, Uri Jonny, Wagener Jean, Weimerskirch Luc, Wolff Rick.

Fir 2006 verzechnen d'Cowboys dann folgend Oofgänger: Lavana Giancarlo (Transfert op Biekrech), Lutgen Dan (Studien), Uri Jonny (verletzungsbedingt), Wolff Rick (wees et selwer net). Zougänger bis elo: Flohr Kim (Lëtzebuerg), Goldschmidt Christopher (Walfer/Elderstrachen) an Melan Cyril (Esch-Sauer).



Ee weidere positive Punkt 2005 war eist Softball Departement. Am Moment huet eis Ekippen ee motivéierten Kader vun 12 Dammern, wat zimlech gutt ass, wann ee bedenkt datt virun 2 Joer déi meescht Leit zu Schieren an Ëmgéigend mol nach net wousste wat Baseball/Softball wier. Fir 2006 si sie eng

eegenständeg Ekippen déi sech selwer géréiert. Des Weideren iwerhuelen eis Dammern dann och de Catering während de Baseballmatcher.

2006 ass dann och Zäit datt mir mat der Jugendarbecht ufänken, well op laang Dauer ginn et ouni kleng Cowboys och keng grouss Cowboys méi, obwuel de Sport hei och nach locker mat 45 Joer gespilt ka gin. A wéi engen Alterskategorien mir do wäerten starten hängt ëmmer vun der Nofro of. Vu 4 bis 8 Joer „Junior T-Ball“, vun 9-15 Joer „Little League“ an ab 16 Joer ass een am Alter wou ee ka mat de Seniore matspillen. Flyeren mat de genauen Daten ginn Enn Februar am Duerf an Ëmgéigend ausgedeelet.

Des Weidere wënne mir dem neie Schäffen- an Gemengerot bonne Chance fir déi nächst 6 Joer an virun allem bonne Chance beim Sichen an Fannen vun enger Léisung fir eisen Terrainsproblem... Mir kënnen jo net veräntweren datt ee Footballspiller an ee vun den décke Lächer fällt déi mir de Summer iwwer (4 Mätscher!) an d'Trainingsfeld vum Sportskomplex gemaach hunn.



Alain Lutgen, Ted Junker, Yves Pauwels, Gilles Schmitz, Giancarlo Lavana, Luc Weimerskirch, Gerry Hoffmann, Jean Wagener, Max Pletschette



FRAEN A MAMMEN SCHIEREN

Glühwäin den 24. Dezember 2005

Et as scho bal eng Traditioun gin, dat d'Fraen a Mammen op Hellegowend Glühwäin offréieren, awer dest Jar war et anescht wéi di Jaren virdrun. De Glühwäin as net bei der Kierch offréiert gin, de Chalet war bei der „Vollek'skichen“ opgericht gin, an dat well an der Parkierch Restauratiounsarbechten fir d'Feierlechkeeten „200 Jar Par Schieren“ op vollen Toure lafen.

D'Wieder war op desem 24. Dezember guer net esou schlecht fir Chrëschttag. Ganz vill Leit hun un de feierlecher Chrëschtmetten deelgeholl, di dest Jar am Festsall vun der aler Gemeng stattfond huet. No der Mass konnten d'Leit de Glühwäin, deen no eegenem Recept hiergestallt war, schmachen. Bei dem kale Wieder huet den Dronk geschmaacht zemol wëll zusätzlech nach Chrëschtstollen a Kichelcher ugebueden goufen.

An enger Spende-Këscht hu mir gesammelt fir d'Kanner am El Salvador, ee Wierk vum Pater Henri Gloden.

Chrëschtfeier 2005

Sonndes, den 4. Dezember huet eis Chrëschtfeier mat enger feierlecher Mass fir all Memberen vun Fraen a Mammen ugefaang. Den Här Paschtouer R. Gillen huet eng feierlech Mass gehalen an d'Chorale Caecilia huet se mat hirem Gesank encadréiert.

Dënsdes, den 6. Dezember war am neie Festsall die tradionell Chrëschtfeier. Als Invitéen waren agelueden: Déi Responsabel



vun „Hëllef fir Häiti“ (Schwester Nols) vun L.A.P.R.A.T (Mme Zanier) a vun SIPO. (Här Schloesser).

De Comité war frou dat esou eng grouss Zuel vun Memberen deen Owend de Wee bei si fond huet. Den Här Paschtouer R. Gillen huet och un deser Feier deelgeholl.

D'Irma huet si all am Numm vum Comité wëllkomm geheecht an hinnen é schéinen a gemitterlechen Owend gewënscht.

Nom Nuechtiesen huet d'Präsidentin, d'Caissière an d'Sekretärin der Schwester Saint Joseph Nols, der Madame Zanier an dem Här Jacques Schloesser je ee Chèque vun 2000 € iwwerreicht.



Desweideren hu mir ee Chèque vun 1500 € un „d'asbl Alex Pereira“ a Brasilien iwwerwiesen an 1000 € un d'Associatioun „Hëllef fir Polen“. Des Souen stamen aus dem Erléis vum Basar, deen mir Pällemsondeg 2005 ofgehale haten. E groussen MERCI un eis Mëmbere, well ouni hir Mathëllef wir dat alles net ze réaliseieren.

D'Schwester Nols, d'Madame Zanier an den Här Schloesser hu merci gesot an hir Organisatioune virgestallt.

Als Ofschloß huet all Member an all Invité é klenge Cadeau iwwerreicht kritt.



GAART AN HEEM SCHIEREN

Ausflug

Den 22. September hu mir ee klengen Ausflug hei am Ländchen organiséiert.

Fir d'éischt hu mir den Mémorial de la Déportation besicht, déi Plaz wou fir vill Lëtzebuurger Zwangsrekrutéierter, Emgesiddelter oder Judden hire Leidenswee am zweete Weltkrich ugefaangen huet: an der Gare zu Hollerech.



Den Här Guy DE MUYSER, President vun der Stéftung vum Mémorial huet eis empfang an eis fir d'éischt een interessanten Virtrag gehalen iwwer d'Bedeutung vun deser Plaz. Dun huet heen eis, zesummen mam Här Bernard JACOB, duerch d'Reimlechteeten begleet an eis Erklärungen zu den Fotoen an Dokumenter aus där schwéierer Zäit gin, obwuel des Fotoen an Dokumenter fir sech schwetzen. Mir konnten eis alles a Rou ukucken, Texter liesen an eis déi schrecklech Zäit erëm an Erënnerung bréngen. Mir haten och nach Zäit fir 2 Filmer ze kucken. Deen éischten huet ëm d'Galerie Hondsbësch gehandelt wou alt bis zu 120 Jongen verstoppt waren.

Deen zweeten „Das Verbrechen von Sonnenburg“ huet dat schrecklecht Verbrechen vun der SS dokumentéiert, wéi si 1945 an der Nuecht vum 30. op den 31. Januar 819 Inhaftéierter, dorënner 91 Lëtzebuurger, erschoss hun, dräi Deeg éier d'russesch Arméi agetraff ass.

No deser Zäitrees an déi schrecklech Vergaangenheet vum 2. Weltkrich hu mir eis op de Wee gemaach op de Kierchberg, do wou schons vill europäesch Geschicht geschriwwen gouf an nach gët, a mir duerfir schons 60 Joer a Fridde lieve kënnen.



Den Georges THILL huet eis erwaart an eis duerch daat impressionnant neit Gebei vun der Philharmonie, een architektonescht Meeschterwierk vum Christian de Portzamparc, gefouert, an eis mat all eisen Froen Ried an Aentwert gestan.

D'Musek déi an der Philharmonie gemaach get, huet jo näischt mat Politik ze din, mee d'Musek verbënt an d'Musek kennt keng Grenzen. Si kann dozou bäidroen, dat d'Mënschen méi tolerant a méi Versteesdemech een fir deen aneren opbrenge.

Mat deem Gedanken, dat eis de Fridden erhaale bleiwt, hu mir eis op den Heemwee gemaach.

Zu Biereng bei Miersch hu mir ze Nuecht giess, a géint 23Auer ware mer nees zrëck zu Schieren.

Generalversammlung den 9. Dezember 2005

Aus organisatoresche Grënn huet de Gaart an Heem seng Generalversammlung dest Joer op Freides den 9. Dezember an d'Cafeteria vun der Sportshal verluegt.

De President Jos ZEIMES huet d'Memberen begréisst an ee kuerze Réckbléck op d'Joer 2005 gemaach.

De Sekretär Vic FEIPEL huet säin Tätigkeetsbericht gemaach an d'Veräinsnorichten fir 2006 matgedeelt. De Keessjee Tun NICKELS huet d'Finanzen vum Veräin duergeluegt, an huet vun deenen zwee Keessrevisoren Georges PETIT an Frank MEYER Entlaaschtung krit.

D'Tombola gouf verloust an éier mer den Leit am Sall ee Glaas Schampes konnten zerwéieren, huet de President nach eng Kéier d'Wuert ergraff, an, zu eiser aller Iwwerraschung, seng Demission als President an Comitésmember vum Gaart an Heem matgedeelt. No 15 Joer (1990-2005) onermiddlechem Asaz fir de Veräin steet de Jos dem Gaart an Heem net méi zu Verfügung.

De Comité vum Gaart an Heem bedauert dëst, mee hien respektéiert dem Jos seng Décisioun.

Vun deser Plaaz, Jos, een häerzlechen Merci fir deng Aarbecht am Gaart an Heem vu Schieren.

De Gaart an Heem vu Schieren wënscht all sengen Memberen an Klenggärtner fir 2006 Gesondheet & vill Erfolleg a Freed an hirem Gaart.



NEIES AUS DER POR

200 JOER PAR SCHIEREN Programm vun de Festivitéiten

Och wann de Programm nach nitt bis an de leschten Detail festläit, wëlle mer d'Duerfleit awer schon informéieren iwver di ongeféier Datumen a Manifestatiounen. Den Organisationscomité gëtt awer nach een offiziellen Dépliant eraus virum Ufank vun de Manifestatiounen.

- 5. März 2006 : **PONTIFIKAL GOTTESDÉNGSCHT** mat duerno offiziell Receptioun a Présentatioun vun der Brochure
- 8. Abrëll 2006 : **CONCERT** Scola Gregoriana Pragensis am Kader vum Marnecher Festival
- 25. Mee 2006 : **CONCERT** Kréinungsmass vum Mozart am Kader vum Marnecher Festival
- 18. Juni 2006 : **RADIOSSMASS** Chorale Caecilia Schieren
- 24. Juni 2006 : **CONCERT** Mozart (E.A. Requiem) Ensemble Madrigal Direction Carlo Hommel
- 16. September 2006 : **CONCERT** Siegfried Fietz
- 12. November 2006 : **OFSCHLOSSCONCERT** Chorale Caecilia an Schirener Musek

WALLFAHRT VUN DE LETZEBURGER MASSENDENGER

Sonndes den 28.08.2005 géint 20 Auer gung et lass.

Massendénger aus dem ganzen Land hun sech um Park & Ride Houwald getraff.

No 15 Stonnen Faart mam Bus sin mir endlech zu Lourdes ukomm.

Ennerbruecht waren mir am Hotel ESPLANADE EDEN. Zu 5 hun mir eis mat eisen Valisen an de Lift gedrätscht, fir esou schnell wéi meiglech op den 4. Stack an eist Zëmmer mat der Nummer 436 ze kommen. Uff

Bei iwver 30 Grad si mir an der Tunique bei der Sakramentsprozessioun (mat der Monstranz) mat gaang, déi an d'ënnerierdech Basilika gefouert huet. Do goufen déi Krank mat der Monstranz geseent. Dohir och den Numm Sakramentsprozessioun.

Owes sin mir esouguer bei der Liichterprozessioun matgaangen.

Do hun mir "Gott sei Dank" eis Tuniquen am Hotel gelooss an et huet och keen vun eis sech un der Käerz d'Fanger gesengt!

An der Grott gouf eng feierlech Mass gefeiert, mir waren do allerdings net als Massendénger derbäi, well eis Moniteuren

haten eis als Chouer ugemellt. Dobäi hun mir esou grottschlecht geklongen!

Mir hun nach gesin wou d'Schwester Bernadette am Cachot geliewt huet, an och d'Schof gehitt huet.

Den 3. September géint Metteg si mir doudmidd awer wuelbehalen erëm an der Stad ukomm.

Jessica HANSEN



AMIPERAS SCHIEREN

Journée du Grand-Age

Obschons mir eis dësjähreg Journée du Grand-Age laut Festkalenner verluegt haten, war trotzdem gut besicht. D'Mass fir eis liewend a verstuerwen Memberen ass wéi ëmmer vum Schiererener Gesank verschéinert gin. De President huet d'Leit begréisst an och un eise verstuerwenen fréieren Keessjee, de Firmin Wildgen geduecht, deen eis am Juli am Alter vu 85 Joer verlooss hues. Nom Apéritif ass e gutt Mëttegiessen zerwéiert gin, wat wéi ëmmer vun eiser Kichenequipe preparéiert gin ass. Duerno hun déi Schiererener Theaterfrënn eis mat flotte Sketcher amuséiert. An hirer Paus hu mir eis eelst Memberen geéiert, 2 Gëllen Hochzäitskoppelen waren och derbäi.

Am Sall si geéiert gin :

Gëllen Hochzäit:

Cecile a Pierre Feinen-Marnach a Margréit a Jos Heintz-Hermes

Fir 75 Joer:

Aubart-Pott Maisy, Nickels Tony, Thill-Rinnen Yvonne, Weber Jos an Theis Nicky, deen ass net op der Foto

Fir 80 Joer:

Ley-Wolter Léonie



Fir 85 Joer:

Ries Irma, Scholer-Theisen Josephine a Streitz-Bartz Thea

Fir 86 Joer:

Baus Raym, Floener-Wiltz Margot, Wagner-Fischbach Marie

Fir 20 Joer Member si geéiert gin :

Walesch-Streitz Margot, Garson-Dupont Jeanne

Krëschtfeier 2005

Och fir d'Krëschtfeier haten nees vill Leit de Wee bei eis fond. Eis Vizepräsidentin d'Mariette huet d'Leit begréisst. D'Kanner vum Schiererener Gesank hun eis e klenge, léiwe Concert gesongen.

Eis „Kichenequipe“, ouni déi ët och dës Kéier näischt op den Dësch gi wir, huet nees fir den Hunger an den Duuscht gesuergt.

Vu „Mateneen Doheem,, huet d'Madame Weis den Don vun der Sammlung 2005 vun der Amiperas entgéint geholl, an si huet erklärt, wat mat deenen Euro'en geschitt. Mir haten an der Këscht 520.-€ a vun der Tombola hu mir nach 480.-€ derbäi geluegt. Eise Leit aus der porte-ouverte e grouse Merci fir déi Zomm an der Këscht. Fir ofzeschléissen hun d'Dammen eng Buche an d'Hären eng Fläsch Schampes kritt.



Programm fir 2006

Generalversammlung

Mëttwoch, den 11. Januar

Bretzelfeier

Mëttwoch, den 22. März

Grillfest

Mëttwoch, den 28. Juni

Eisekuchen op der Valisplaz

Donneschdes, den 7. September

Journée du Grand-Age

Sonndes, den 15. Oktober

Krëschtfeier

Mëttwoch, den 13. Dezember

Porte-ouverte

Vun 14.00 bis 18.30 Auer am neie Sall

All Mëttwoch bis den 26. Abrëll nach mat.

De 6., de 17. an den 31. Mee

Den 7. an den 21. Juni

Den 12. an den 26. Juli

Den August ass Vakanz.

Den 13. an den 27. September

Duerno nees all Woch.



TURNVEREIN SCHIEREN

Generalversammlung 2005

Am 28. September lud der Turnverein zu seiner 9. Generalversammlung in die Cafeteria der Sporthalle ein.

Präsidentin Juliette Kemp begrüßte die Mitglieder des Schöffen- und Gemeinderates, die Vertreter der lokalen Vereine sowie die Trainer, aktiven Mitglieder und Freunde des Vereins.

Sie bedankte sich bei der Gemeindeverwaltung für die wertvolle finanzielle Unterstützung und bei Hallenwart Raymond Bartholmé für sein stetes Entgegenkommen. Sie lobte die Trainer der verschiedenen Sektionen für ihre Disziplin und ihren Einsatz und alle Mitglieder für ihre Treue zum Verein.

Sekretärin Monique Thill trug anschließend einen detaillierten Tätigkeitsbericht vor, aus dem hervorging, daß der Turnverein in 5 Sektionen während 6 Stunden in der Sporthalle aktiv war. Zusätzlich wurden während dem ganzen Jahr ohne Unterbrechung, jeweils am Dienstagabend, Nordic-Walkingkurse in freier Natur unter der fachkundigen Leitung einer sympathischen Trainerin angeboten.

Die Sekretärin bedankte sich bei den Vertretern der lokalen Sportvereine für die gute Zusammenarbeit in der Sportskommission.

Anschließend stellte sie das Programm für die Saison 2005-2006 vor:

Dienstags ab 18.45 Uhr: Nordic-Walking



Mittwochs von 9.30 bis 10.30 Uhr: Maman et Bébé

Donnerstags von 19.30 bis 20.30 Uhr: Wellness Turnen (Damen)

Freitags von 16.45 bis 17.45 Uhr: Gesundheitsturnen (Damen)

Freitags von 18.00 bis 19.30 Uhr:

Self-Defense für Erwachsene und Kinder ab 5 Jahren

Samstags von 10.00 bis 11.30 Uhr:

Turnen und Ballspiele für Kinder von 3 bis 6 Jahren

Zusätzliche Auskünfte zu den einzelnen Kursen können angefragt werden unter den Telefonnummern 81 88 02 (KEMP) oder 81 84 06 (PLETSCHETTE)

Kassiererin Marie Anne Pletschette legte einen ausgeglichenen Kassenbericht vor, welcher auf Vorschlag der Kassenrevisoren Maryse Schmit und Adrienne Banz von der Versammlung gutgeheißen wurde.

Die Versammlung begrüßte die Verstärkung des Vorstands durch Marcelle Jeanpierre und Myriam Pletschette, beide bereits als aktive Mitglieder im Verein bestens bekannt.

Bevor die Generalversammlung mit einem geselligen Umtrunk abgeschlossen wurde, beglückwünschte Bürgermeister Jos Lutgen den Verein zu seiner positiven Entwicklung und wünschte ihm weiterhin viel Erfolg.

Juliette Kemp



Kleeschen 2005

Wéi all Joer huet de Comité vum Turnveräin beim Kleeschen gudd gefüllten Telleren bestallt fir déi kleng Turnerinnen an Turner aus de Sektioonen MAMAN ET BEBE an ONS KANNER fir hieren Asatz am Veräin ze belouen.



BASKET SCHIEREN

Generalversammlung an Kroeschtfier

Am Bild guffen dës zwou Manifestatiounen festgehal:



2 vun eisen klengen Basketpillerrinnen



an nach méi klengen



d'Josée Arendt bei der Iwwerrechung
vun den Cadeauen



eis Härenkip zu spéider Stonn



an och eis Dammen



Den René Goergen mat eisem Présus bei
der Iwwerrechung vun den Cadeauen



eis Jugend

THEATERFRENN SCHIEREN

Generalversammlung vun den Theaterfrënn

De 7. Oktober 2005 war déi 12. Generalversammlung vun de Schierener Theaterfrënn an der Buvette vun der Sportshall.

D'Presidentin huet deen Owend d'Vertrieder vun der Gemeng a vill Frënn vum Theaterveräin begréisst. No deene verschiddene Merciën, huet d'Sekretärin eis iwwer d'Aktivitéiten vum Joer 2005 informéiert an de Keessjee huet eis gesot wéi et mat eise Finanzen steet. No der Versammlung souze mir nach gemittlech bei engem gudde Patt zesummen.

Ausflug op Roum

D'lëscht Joer hate mir och een Ausflug gemaach an zwar ware mir vum 4. bis den 7. November 2005 op Roum.

Freides moies um 4.30 Auer huet ee Bus vu Voyages Schmit 27 Leit op de Findel gefouert an um 7.00 Auer si mir vun do op Roum geflunn.

T'war schéin zu Roum an déi vill Sehenswürdegkeeten si mir zu Fouss kucke gaang oder mir si mam Sight-Seeing-Bus gefuer wat och ganz flott war.



T'huet de Leit all ganz gutt gefall, mee wéi ëmmer wann et schéin ass war et vill ze kuerz. Méindes um 19.35 Auer si mir schon erëm Richtung Lëtzebuerg geflunn.

Eisen Régisseur konzentriert sech op den Poobst

Och dëst Joer si mir aktiv. Den 28. Abrëll 2006 spille mir um Spargelowend vum Basket e puer Sketcher.

Eis Theaterowender sin 2006 réischt am Hierscht an zwar den 18. de 24. a 25. November. Mir wire frou wa mir Iech all op engem vun deenen Owender begréisste kënnten.

Dëst Joer ass d'Generalversammlung den 6. Oktober 2006.

Théaterfrënn Schieren





CHRONIK VU SCHIEREN 2004



Wéi gesäit eist Duerf an 10, 15, 20 Joer aus? Dei Fro kann een sech dann och am ëmgedréinte Sënn stellen. Wéi huet eist Duerf virun 10, 15 oder 20 Joer ausgesin?

A ville Broschüren hun d'Veräiner sech d'Möi gemaach, Erliewtes an Erzieltes am Bild a Schrëft festzehalen.

Nodeem ech viru Joeren ugefaangen hun a menger Fräizäit, mat Video Geschichten vum Duerf a senge Veräiner opze-

huelen, koum d'Iddi e Film vun engem ganze Joer ze dokumentéieren.

Mat dem Schmitz'e Marc an dem Hess'e Raym, nach Präsident vun der Fest- a Kulturkommissioun, goufe Neel mat Käpp gemaach. D'Präsidenten vun de Veräiner kruten ee Bréif, wou si äis sollten hir Manifestatioune matdeelen, déi sech iwwert dat ganz Joer 2004 verdeelen.

Huet dun vum Januar bis Enn Dezember 2004 irgend ee Veräin eng Versammlung oder eng Manifestatioun ofgehal, war ech mat der Kamera derbäi. Aner Manifestatiounen oder Fester, kierchlecher a weltlecher Natur, hu mir aus dem Festkalenner erausgeholl an ech sin do matgaang. 2004 huet z. B. de Schiererener Parrot d'Pilgermass an der Kathedral organisiéiert, nëmme fir kurz op eng vun deene Festlechkeeten anzegoen. Ech hu mir och erlaabt eenzel Persounen eranzehuelen, déi sech am Sënn vun eisem Duerf verdéngt gemaach hun.

Méi wie 1000 Minutten hun ech kategoriséiert an, an engem 180 minutte-laange Film zesumme geschnidden. Fir äis een Deel vun

den Onkäschten ze decken, konnte mir op d'Hëllef vun etleche Sponsoren zielen. Niewent Geschäftsleit aus dem Duerf: Der Firma A. Di Cato - Toiture Ferd Schroeder - Peinture Nico Bouché - Willy Pütz Bois/Matériaux - Willy Pütz Carrelages/Sanitaires - der Garage AMS - dem „Salon Fernande“ - der Pizzeria „Gran Sasso“ - dem Café „Mindelo“ konnte mir och mat enger massiver Ënnerstëtzung vun der „DEXIA Bil“ rechnen.

Déi aussergewéinlech flott Fotomontagen vun der Këscht a vun den Disken huet fir äis de Jean-Paul Feinen gemaach.

Op 2 Disken an enger Këscht, DVD1 an DVD2, kritt jidder Interessent dee Film fir 21 € ze kafen. De Film ass och op VHS ze kréien.

Mat der Iwerweisung vun 21 € Euro an Äerer geneeër Adress op de Kont bei der DEXIA Bil LU82 0020 1807 5041 7200 oder um Telefon 81 93 98 resp. 021 793 207 krit Dir dee Film heem.

Ofhuelen kënnst dir en och an der „Rue du canal Nr 7“.

Sollt ech awer dee Film verschécken, kommen nach eng Keier 2,75 € bei de Präis vun 21 € derbäi.

Dann „Vill Spass mam Film «CHRONIK VU SCHIEREN 2004»“.

Garson Nico



CHORALE CAECILIA

Een Dirigent an zwou Choralen: Wat läit méi no als wéi e gemeinsame Concert ze sängen. Dat hat sech eisen Dirigent, den Antonio Grosu sëcher och geduecht, wéi hien de Concert Spirituel mat de Chéier vu Biissen a Schieren geplangt huet. Eigentlech sollt dëse Concert an deenen zwee Dierfer gesonge ginn, mä well eis Parkierch grad renovéiert gëtt, hu mir eis missten op een Optrëtt beschränken, an zwar Sonndes, de 4 ten Dezember 2005 an der Kierch zu Biissen.

Um Programm stunge méistëmmege Sakralgesäng aus de Liturgien vum Orient a vum Okcident mat, ënner anerem, Wierker vu Gounod, Rachmaninov, Lewandowsky, Palestrina, Walmisley a Bach.

Am zweeten Deel ass de Publikum mat bekannte Chrëschtmelodien op den Advent agestëmmt ginn. Als Solist op der Uergel an als Begleedung hunn sech déi zwee Organisten Jean-Marie Bock a Marc Garson ofgewiesselt.



(Foto: C. HOMMEL)

Hei eng Foto vun der Generalprouf.

